Hesper Jugendgemengerot

# Rapport vun der Versammlung den 21/12/2013 um 09:00 Auer

Präsenzen : Yves, Stefano, Claude, Laura, Pit

Entschëllegt : Denis

Themen déi beschwat gi sinn :

- **Grillplaz**
- **Maart**
- **JGR Organisatioun**
- **Logo**
- **Proposen fir d'Gemeng**

## Maart

Leschte Gemengerot : de Fréschmaart ass ugeschwat ginn. De Gemengerot ass gespaant iwwert dem JGR seng Organisatioun vum Maart. Si iwwerloossen dem JGR dann d'Organiséieren. Wou ass de JGR mat senger Organisatioun drun ?

Versammlung mam Maartverband. Conclusioun : et ass schwéier e Maart z'organiséieren deen och Succès huet. Et muss ee genuch Plaz hunn, a Standgeld froen, de Maartverband huet Iddie gi wéi ee Werbung fir de Maart mécht (an een Dag virdrun ukënnegen). Wat och nach hëllefe kann ass eng Buvette, Aktivitéite vun engem Veräin oder einfach eppes fir z'iesse proposéieren. Propose vum Stefano, Werbung um Schëld beim Terrain maachen.

Bauere brauche keng Autorisatioun fir um Maart eppes ze verkafen. De Bauer Guy kéint gefrot ginn op e seng Produkter wëll um Maart verkafen. D'Sécherheet muss vun der Gemeng séchergestallt ginn : Toiletten, Stroum, Waasser.

Wann ee Member ass vum Maartverband, kënne si och fir den Hesper Maart Werbung maachen.

Wat lo misst gekuckt ginn ass Leit ze fannen vun der Gemeng déi gäre matmaache wéilten. De Feyder kéint gefrot ginn. De Bauer deen Hunneg verkeeft wier dobäi, mee waart drop dass et méi organiséiert ass. De Stefano freet de Bauer Guy.

E Stand misst 8 bis 12 m grouss sinn.

Nächst Schrëtt :

Stefano: rifft de Krack un an de Bauer Guy

Laura : de Feyder

Pit : Distillerie Müller a Fleurs Vry (Helleng)

Soubal alles konkret ass, schreift d'Gemeng dem Maartverband e Bréif mat all den Infoen. De Maartverband gëtt dei Infoe weider a kann Händler rekrutéieren. Duerno misst d'Gemeng wiele wéi eng Händler si huelen.

Mat Veräiner schwätzen op se géngen eppes um Maart wëlle maachen.

De JGR setzt en Dokument zesumme mat all den Detailer vun der Organsiatioun vum Maart : wien, wou, wat, etc. Et muss dann decidéiert gi wat se maache wëlle fir d'Dokument komplett ze kréien.

De Pit freet de Marc Lies op Veräiner um Maart kéinten deelhuelen.

De Pit schreift d'Dokument fir d'Gemeng bis de 26. Dezember.

## JGR Organisatioun

Organisatioun. De Romain ass e bëssen traureg/fënnt et schued wéi sech de JGR organiséiert a matenee schafft. De Pit kritt keng Äntwerten, wann Hëllef gebraucht ass solle se froen, kee vum JGR kënnt op Events wou nei Membere kéinte rekrutéiert ginn, de Logo Concours ass och net gemaach ginn obwuel e laang genuch hannendru war. Un der Organisatioun muss eppes verbessert ginn. De JGR gëtt encouragéiert sech z'engagéieren a sech un d'Engagement ze halen. D'Membere sollen och soe wa se Saachen net wëll maachen oder léiwer hunn et mat aneren ze maachen, oder einfach Hëllef brauchen. De JGR gëtt och nach encouragéiert och matzedeelen, wa se eppes brauchen, eppes net geet, etc.

De Mergim an de Steve uschwätzen, fir ze wëssen op se nach dobäi sinn.

De Pit gëtt lo offiziel President vum JGR.

Kommunikatioun tëscht de Membere soll bestoen : wéinstens zréckschreiwen och wann d'Äntwert negativ ass. Iwwert wéi ee Kommuikationswee geet et dann am beschten ? Yves iwwer Mail, Laura iwwer FB, Stefano iwwer SMS. Dat heescht, di 3 Weeër benotzen.

D'Versammlunge kënnen och genotzt gi fir Themen unzeschwätzen déi d'Memberen interesséieren.

Nächst Versammlung : 04/01/14, um 10 Auer am Jugentreff.

## Grillplaz :

De Claude rifft dem Denis un a geet mat him d'Grillplaz kucken. Wou de Grill hi kann.

## Logo

De Logo bleift deen dee proposéiert ginn ass. D'Sweatshirts sollte schwaarz sinn.

De Pit sammelt di lescht Gréisste vun de Memberen an (SMS).

## Chrëschtmaart

Fir d'Suen déi d'Memberen investéiert hunn rembourséiert ze kréien muss de JGR mam Romain schwätzen. De Gary freet de Romain wéi se rembourséiert kéinte ginn.

## Propose fir d'Gemeng

Kilometerschëlder

Den Yves ass schon e puer Mol gefrot ginn op Kilometermarken kéinten opgestallt ginn an der Gemeng, dass d'Leit wësse wéivill se getrëppelt /gelaf sinn. Dat misst dem Schäfferot proposéiert ginn.

## Aktiounsplang

Fir eis Iddien ëmzesetzen hu mir decidéiert dass folgend Leit folgend Aufgaben bis déi jeeweileg Deadline maachen :

| Wat | Wien | Wéini | Bemierkungen |
|---|---|---|---|
| Dokument mat Maart Infoe schreiwen | Pit | Bis den 26/12/2013 | Dei aner Membere kréien d'Dokument zur Evaluatioun |